



Ech wëll nach eng Kéier kuerz zrëckkommen op e puer Elementer vun där Transaktioun vun 2011, fir festzehalen - nach eng Kéier ganz kloer an däitlech -, datt déi Transaktioun gemaach ginn ass, nodeem am Virfeld an am Wëssen, datt strategesch Iwwerleeunge gefouert gi sinn, déi kloer gewisen hunn, datt d'Réseaux complémentaire waren, datt do duerch kéinte méi Destinatiounen ugeflu ginn an datt et operationell a kommerziell géif Sënn maachen. Soss hätten déi Gesprécher um Niveau, déi ech gefouert hu mam Premierminister vum Qatar, iwwerhaupt net stattfonnt, wann dat net am Virfeld esou gewiescht wier.

Éier ech dohinner gaange sinn, wëll ech och nach eng Kéier soen, wat och normal ass, datt ech mam deemolege Wirtschaftsminister a mam Transportminister a mam Statsminister doriwwer geschwat hunn.

An ech wëll och nach eng Kéier soen, datt, wann den Accord de principe 2011 gemaach ginn ass, dann huet dee jo logescherweis misen duerno a juristeschen Ofschloss, deem dat gebrauch huet. Wat fir een Accord oral essential ass, deem och ëmmer esou gemaach gëtt, deem der absoluter Normalitéit entsprécht, dee besteet net u sech eleng do.

Den Accord de principe, deem ech négociéiert hunn, dee besteet jo also net u sech eleng. Et gëtt eng Virgeschicht an et gëtt e Kapitel duerno. Dat ass de juristeschen Ofschloss, deem dat gebrauch huet. Wat fir een Accord oral essential ass, deem och ëmmer esou gemaach gëtt, deem der absoluter Normalitéit entsprécht, dee besteet net u sech eleng do.

Ech wëll och nach eng Kéier soen, de Kontext vun 2011, well een eng Situatioun ëmmer muss jugéieren, net haut, mat den Ae vun haut, mä mat deenen deemools. Zéng Joer laang war d'Swissair als failliten Aktionär an der Cargolux. Jorelaang huet de Liquidateur vun der Swissair, dee vertrueden huet déi Gesellschaft, net kënnen duerch seng Fonctioun aktiv un der Zukunft vun der Cargolux matmaachen. An duerfir war et, déi Aschätzung ass och haut nach absolut noutwendeg, datt ee géif deen een Aktionär duerch e lieuegen Aktionär ersetzen.

Eng zweet Remarque: Et gëtt e groussen Ënnerschied tëschent enger Transaktioun an der Ëmsetzung vun enger Transaktioun. Dat gëllt an dëser Gesellschaft wéi an aneren. Et gëtt e groussen Ënnerschied tëschent enger Strategie vun enger Gesellschaft, de groussen Prinzipien an dem deegleche Fonctionnement vun enger Gesellschaft. Dat wäert och an der Zukunft esou bleiwen.

Ech kéint lech Beispiller nennen, déi ech hautno erlieft hunn, zu Lëtzebuerg an am Ausland, wou dat all Kéiers schwierig ass, wann zwee Aktionäre beienekommen, déi vun aneren Horizonten kommen. Dat sinn net nëmme geografesch Horizonten. Dat ka souguer am nämlechte Land de Fall sinn. Déi mussen openeen zougoen.

Dat wäert och an der Zukunft schwierig bleiwen. Et kann een net an enger Strategie all Detail vum Zesummeliewen och definéieren, well d'Zesummeliewen ass eppes, wat an enger Atmosphär tëschent de Mënsche muss Entstoen.

Den Accord de principe vun 2011 war een, deem eng strategesch Ausrichtung hat an deem an der Ëmsetzung sech als schwierig erweisen huet.

Eng drëtt Remarque betrëfft d'Separatioun vun deenen eenzelnen Dossier, déi mat katareschen Investoren ofgemaach gi sinn. Et sinn der dräi. An déi dräi hu strictement näischt mateneen ze doen a sinn och net mateneen verhandelt ginn.

D'Cargolux, do ass et drëm gaang, e strategesch industrielle Partner ze fannen an der Gesellschaft vu Qatar Airways.

Bei der Kreditbank, deem zweeten Dossier, wou kataresch Investoren zu Lëtzebuerg sinn, mat deem Dossier hat an huet d'Regierung ni direkt ze doe gehat, well d'KBC, eng belsch Bank, huet hir Lëtzeburger Filial verkaaft. Si huet duerfir d'Regierung net ze froen. A si huet se och net gefrot.

An deem drëtten Dossier ass d'BIL. D'BIL hu mer mat katareschen Investoren gerett am Kader vun den enorme Problemer, déi de Grupp Dexia d'lescht Joer hat. D'Dexia huet déi u kataresch Investoren verkaaft. A mir hu versicht, an engem kruziale Moment ze hëllefen, een ze fannen, deem am Nu konnt Honnerte vu Milliounen op den Dësch leeën, fir domadder eng Bank virun enorme Schwierigkeiten ze préservéieren an domadder all hir Clienten an déi Leit, déi op där Entreprise schaffen.

An eng lescht Remarque betrëfft en fait d'Zukunft a betrëfft villen ronderëm dat, wouvun elo grad och den Nohaltegkeetsminister geschwat huet; mä doriwwer eraus, net nëmmen d'Cargolux. Déi fundamental Debatt, dee fundamentalen Défi, dee mer hunn, dat ass: Wéi stelle mer an Zukunft hei zu Lëtzebuerg Entreprises op a wéi baue mer se ëm, déi am internationalen Ëmfeld täteg sinn?

D'Cargolux ass duerfir e Beispill, mä ass sécherlech net déi eenzeg Firma. Si ass an engem Secteur, deem ëmsou méi nach schwierig ass. Mä Firmen, déi nëmmen international täteg sinn, hunn haut eng ganz schwierig Situatioun an der internationaler Konkurrenz. Do mussen eng ganz Rei Adaptatiounen kommen, ob mer dat wëllen oder net.

An am Zesummeliewe mat auslännesche Partner gi mer eis dat heiansdo vläicht nach méi bewosst. An duerfir, mengen ech, ass déi reell Debatt, déi mer hei ze féieren hunn, elo an an deenen nächste Méint: Wéi bleiwe mer konkurrenzfähig? Wéi kënnen mer d'Ëmfeld an d'Innenleben vun den Entreprises zu Lëtzebuerg esou gestalten, datt och déi Entreprises an Zukunft eng Chance hunn an datt och do Aarbechtsplaze kënnen bestoe bleiwen? Dës Debatt ass e Beispill dovunner, mä ass bái Wäitem net dat eenzeg.

Déi Transaktioun vun 2011 muss een och an deem Kontext gesinn. An an deem Kontext war se a bleift se eng normal Transaktioun, och wann ee bedauere muss, datt d'Ëmsetzung dovunner schwierig war an, wéi sech erausgestallt huet, herno onméiglech ginn ass.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci. Den Här Urbany huet d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Also, wann ech elo gutt nogelauscht hunn, dann ass am Fong geholl de Message vun der Regierung: „Mir hunn näischt falsch gemaach a mir maachen et nach eng Kéier genau d'selwecht. An e Partner, dee sech anescht behëlt wéi Qatar, fanne mer net.“

Et ass och näischt gesot ginn driwwer zum Beispill, ob an Zukunft vläicht dru geduecht gëtt, e Vertrag mat engem Aktionär, deem ëmmerhin awer am Fall vu Qatar minoritär war, fir dee Vertrag esou ze maachen, dass net deen Aktionär d'Soen huet iwwer wichteg Punkte vun der Strategie vun deem Betrib.

Mir hunn dem Qatar an deem Memorandum of understanding, dee virläit, wäitgehend Rechter zougestanen, wat d'Personalpolitik ugeet, wat de Businessplang ugeet a souguer wat de Kaf an de Finanzement vu Fligere ugeet. Da wëll ech awer wëssen: Ass datselwecht nach eng Kéier geplangt mat engem aneren Investor?

► **M. le Président.**- Här Nohaltegkeetsminister, wann ech gelift.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Also, ech soen elo nach eng Kéier ganz kloer an däitlech:

Éischtens hu mer nach net mat engem anere Partenaire iwwerhaupt ugefaangen ze négociéieren. Ech hunn lech d'Reiefolleg gesot, wat mer elo maachen.

An zweetens kënnt et iwwerhaupt net a Fro, datt ech hei iwwer Inhalter vun Diskussiounen an Négociatiounen schwätzen, déi mer emol nach net ugefaangen hunn. Sérieusement! Et ka jo awer net sinn, dat do!

Mir mussen dat uerdentlech a seriö a professionell an deenen nächste Woche maachen. Esou maache mer et, fir datt en uerdentlechen Accord erauskënnt. An ech hoffen, datt mer e Partenaire fannen, dee fir d'Cargolux uerdentlech ass. An ech maachen alles derfir!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Mir kennen Är uerdentlech Accorden! D'Schierbelen hu mer doleien!

► **M. le Président.**- Merci. Domadder wär dës Punkt ofgeschloss.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6393, eng Direktiv iwwert d'Équipements sous pression transportables. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech just ageschriwwen: den Här Negri. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6393 - Projet de loi concernant les équipements sous pression transportables

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir

Häre Ministeren, de virleiende Projet de loi, deem ech lech virdroen, wierkt sech dës Kéier op déi nei transportabel Equipementen aus, déi ënner Drock stinn an déi am Verkéier agesat ginn. Et gëtt hei eng europäesch Direktiv mat der Nummer 35 aus dem Joer 2010 an eist nationaalt Recht ëmgesat. All déi transportabel Equipementen ënner Drock, déi virun dem 1. Juli 2001 zougelooos waren, déi falen net ënner dës Gesetzesprojet. Datselwecht gëllt och fir déi transportabel Equipementen ënner Drock, déi exklusiv fir den Transport vu geféierleche Marchandisen tëschent den EU-Memberlänner an de Pays-tieren agesat ginn.

Kuerz e Rappel, e puer Daten: De 14. Februar dëst Joer huet de Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen de Projet de loi an der Chamber déposéiert. D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Salariés an d'Chambre d'Agriculture hunn hiren Avis abruecht genau wéi de Conseil d'État mat Datum vum 24. Abrëll dëst Joer. Et ass en Avis complémentaire gefrot ginn. Opgrond vun enger Rei vun Amendementen ass en dunn de 17. Oktober och analyséiert ginn. An deemselwechten Dag konnt de Rapport souguer an der Chamberskommissioun ugeholl ginn.

Kuerz gesot: Ënner engem transportablen Equipement ënner Drock ginn ënner anerem all Behälter an Citerne erfaasst, déi fir den Transport vu kompriméiertem Gas, sief dat flësseg oder deen ënner héijem Drock steet, déngen. Dorënner falen ënner anerem: Gasfläschchen, Feierlächser oder Aggregater fir Killzwecker wéi och da Camionsciterne op de Stroossen an och Schëffer.

Déi transportéiert Gasen ënner Drock stelle sécherlech eng grouss Gefor duer, notament well déi Behälter explodéiere kënnen. D'Beispiller aus der Vergaangenheet weisen d'Katastrophen. An domat kéinte géfteg Stoffe fräigesat ginn, déi d'Mënschen an d'Ëmwelt belaschten an och schiedege kënnen.

Et gouf schonn eng europäesch Direktiv zu dësem Thema, an déi ass den 12. Oktober 2001 an eist nationaalt Recht ëmgesat ginn. Well sech awer am Laf vun de leschte Joren dat technesch Wëssen ëm Transport mat esou Behälter verbessert huet, ass eng nei Direktiv mat der Nummer 35 am Joer 2010 ausgeschafft ginn.

Ee vun den Ziler vun dëser neier Direktiv ass et, d'Sécherheet, virun allem beim Transport, ze erhéien. Doriwwer eraus definéiert si déi detailléiert Regeln, déi d'Opérateuren iwwerhuele mussen, wa si déi Behälter ënner Drock an de Verkéier erabréngen wëllen.

D'Avis vum den dräi genannte Berufskummen zum Gesetzesprojet war positiv. A sengem Avis begreift de Statsrot d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv duerch e Gesetzesprojet, woubäi hien awer rappeliert, dass d'Direktiv deemools zum selwechte Sujet nëmmen iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal ëmgesat ginn ass an elo duerch e Gesetzestext ëmgesat gëtt.

Opgrond vun dem Avis vum Statsrot sinn - ech hunn et gesot - e puer Artikelen an der Chamberskommissioun ëmgeännert ginn, soudass eréischt no dem Avis complémentaire de Rapport an och eng breet Zoustëmmung konnt fonnt ginn. Well dësen awer vill technesch Detailer enthält, an dat hei géif d'Rumm sprengen, géif ech gären op de schréffleche Rapport verweisen. Eleng schonn déi laang Lëscht vun Definitiounen beweist d'Portée vum Gesetzesprojet.

Här President, erlaabt mir duerfir hei e puer Elementer aus dem Gesetzesprojet virdroen.

Am Kapitel 1 ginn d'Applikatiounen an d'Definitiounen opgefouert. Déi national kompetent Autoritéit ass den Transportministère. Dat heescht, de Ministère mat deem ganz laangen Numm.

(**Hilarité**)

Derniewent ass als national Autoritéit vun der Aggregatioun de lëtzebuergeschen Institut vun der Normalisatioun, der Akkreditatioun an der Sécherheet vun de Produiten a Servicer - kuerz genannt den ILNAS - mat abezu ginn. Hien ass och responsabel fir d'Evaluatioun an d'Notificatioun wéi och fir d'Sécherheet.

Am Kapitel 2 gëtt festgehalen, dass all Fabrikant, deem déi transportabel Equipementen ënner Drock op de Maart bréngt, eng ganz Rei vu Formalitéiten an Dokumenter virleeë muss. Wann d'Prozedur vun der Evaluatioun a puncto Konformitéit ofgeschloss ass - dat dauert eng Zäit -, dann dierf de Fabrikant d'Markenzeichen π - et gläicht dem griichesche Buchstaf π - op de Behälter setzen. Wa festgestallt gëtt, dass en Equipement net den technesch Eerausforderunge Rechnung dréit oder e Risiko duerstellt, da muss den ILNAS direkt informéiert ginn, dee sengersäits all Informatiounen vum Fabrikant verlaangt.

Déi Persounen, déi déi transportabel Equipementen an d'Europäesch Unioun an esou och an eist Land erabréngen, mussen beim Feststelle vun technesch Feeler den ILNAS ëmgehend informéieren.

Dat dierft hei am Haus zwar schwéierfalen, déi Informatioun, well do ass grousst Gebabbels am Sall.

Dës Iwwerleeunge gëllen och fir den Distributeur vun den transportablen Equipementen.

D'Kapitel 3: Do geet et ëm d'Konformitéit vun den technesch Equipementen. Wann de Behälter als konform erkläert gëtt - hunn ech gesot -, da gëtt de Symbol Ⓜ drop gesat. All déi aner Behälter dierfen dat net droen.

D'Kapitel 4: Do gëtt festgeluecht, wat fir Démarchen an Organismen, deem déi technesch Kontrollen duerchféiere wëllt, beim ILNAS duerchlafen a wat fir Ënnerlagen hien hannerleeë muss. All Organismen, deem eng Akkreditatioun huet, muss deenen aneren Organismen, déi ähnlech Aufgaben duerchféieren, all wichteg Informatiounen matdeelen, dass jiddwereen am Bild ass vun de geféierlechen Transportmëttelen.

Am Fall vu Verstéiss oder Feeler muss den ILNAS engersäits déi Europäesch Commissioun avertéieren an anersäits all déi aner europäesch Memberstaten. Des Weidere mussen d'Mesurë matgedeelt ginn, déi den ILNAS festgehalen huet, besonnesch wann et e Risiko fir d'Gesondheet, fir de Mënsch an Ëmwelt bedeit. Wann esou ee Fall antrëtt, da muss den ILNAS den Opérateur oder den Distributeur opfuere, dass all déi néideg Mesuren ergraff ginn, fir den Equipement erëm sécher ze maachen oder dësen Equipement vum Maart erfroezuehlen, an dat an engem rasonablen Délai.

All dës Démarchë mussen - dat ënnersträicht jo hei d'Importenz vun dësem Gesetzesprojet - bei der Europäescher Commissioun a bei allen anere Memberstate gemellt ginn. Also relativ vill Informatiounsofstand.

Als Konsequenz vun enger Infraktioun sinn och eng ganz Rei vu penale Sanktiounen virgesinn. De Montant vun dëser Sanktioun kann da jee no Gravitéit tëschent 251 bis 25.000 Euro bedroen a souguer mat enger Prisongsstrof tëschent aacht Deeg bis ee Joer belascht ginn. Esou eng Infraktioun kann ënner anerem sinn, wann eng Persoun en transportabel Equipement op de Maart setzt wuelwëssend, dass deen net de Bestëmmungen entsprécht, dat heescht geféierlech fir Mënsch an Ëmwelt ka sinn.

Am Kapitel 7, do geet et ëm d'Unerkennung vun der Equivalenz an den Iwwergangsbestëmmungen. Ënner anerem ass festgehalen, dass d'Dispositiounen vun dësem virleiende Gesetzesprojet, dee mer haut stëmme wäerten, eréischt vum 1. Juli 2013 un applizéiert ginn.

Zum Schluss soll nach kuerz drop higewise ginn, dass an der Annex I eng Lëscht vun de geféierleche Substanzen opgefëiert gëtt, déi hei an den Asaz kommen. An d'Annex II, déi ënnersträicht hei d'Prozedur fir Reevaluatioun vun der Konformitéit. Dës ëmfangräich Prozedur kënnt Der am schréffleche Rapport noliesen.

Dës Bemierkunge gemaach, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, Här Minister, géif ech dann der CSV hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet erabréngen a soe Merci, wéi ëmmer, fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- A Merci nach eng Kéier fir den Här Rapporteur, deem, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, erëm méi wéi detailléiert war. Ech géif soen, et wär näischt méi derbäizefügen, soudatt mer direkt kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6393 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6393 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6393 est adopté à l'unanimité des 56 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*





MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Um Ordre du jour vun haut de Mëtten hu mer eng Orientierungsdebat iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Deputéiert Etgen, Negri, Lorsché a Gibéryen. An als Éischt héiere mir de Rapporteur vun der Orientierungsdebat, den Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 6452 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, säit 2006 respektiv säit 2009, ënner enger lichter émgännelter Form, maache mer all Joers ëm dës Zäit hei an der Chamber den Exercice iwwert de Finanzement vun zukünfteg groussen Infrastrukturprojeten. Mir schwätzen doruwwer, iwwer all déi...

**(Brouhaha)**

► **M. le Président**.- Ech bieden Iech, dem Här Rapporteur nozelauschteren!

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Mir schwätzen hei iwwer all déi Projeten, déi méi wéi zéng Milliounen Euro kaschten. Ech mengen, Dir sidd alleguer iwwert dës Prozedur am Bild, soudatt ech direkt kann zur Saach kommen.

Den 18. September huet den Nohaltegkeetsminister an Infrastrukturminister Claude Wiseler der zoustänneger Chamberskommission eng Rei vu Projete presentéiert, déi an den nächste Jore solle realiséiert ginn. Ech huelen dës Projeten elo der Rei no duerch, esou wéi se och deemools vum Minister virgestallt gi sinn.

Ech fänken u mat de Projete vun der Bauverwaltung.

Den éischte Projet ass do déi fënneft Extensioun vum Europäesche Geriichtshaff um Kierchbierg. Dës Vergrößerung ass an enger Kollaboratioun mat den europäeschen Autoritéiten ausgeschafft ginn. An an der Kommission ware mer ons ganz schnell eens doruwwer, datt dës Projet ganz wichteg ass fir de Fortbestand vum Europäesche Geriichtshaff hei zu Lëtzebuerg. Heivun hänken, wann alles bis fäerdeg ass, dann eng ronn 3.000 Aarbechtsplazen of.

Bei dësem Projet muss een ervirhiewen, datt eng Konvention tëschent der Cour de justice européenne an dem Lëtzebuerger Stat d'Locatioun an dann och spéider de Kaf vun de Gebaier regelt. De Projet gëtt vum Stat préfinanziert; d'Bauverwaltung ass mam Bau vum Gebai beoptragt; d'Cour de justice, déi rembourséiert d'Kapital an och d'Zinsen iwwer eng Periode vun 20 bis 25 Joer a gëtt dann, wann alles erëmbezuelt ass, och Propriétaire vum Immeubel.

Ech wëll och ënnersträichen, datt d'Aarbechte vun der véierter Extensioun, deene mer duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 2009 gréng Luucht ginn haten, am Juli 2013 fäerdeg ginn.

De Bauprogramm vun der fënnefter Extensioun gesäit eng Bruttofläch vun 43.700 m<sup>2</sup> fir d'Gebaier vir, plus dann och nach 5.900 m<sup>2</sup> fir en ënnerierdesche Parking. An de Gesamtkäschtpunkt gëtt op 151.800.000 Euro geschat, wat jo en zimlech beträchtliche Montant ass.

Vun der europäescher Justiz ginn ech dann elo eriwuer op déi national Justiz. Den zweete Projet ass nämlech d'Erneuerung an den Ausbau vum Palais de justice vun Dikrech. Nieft der Vergrößerung vum Gebai steet och nach eng energetesch Sanéierung un. An der Kommission hate mer e ganz interessanten Austausch an eng flott Diskussioun iwwert dës Projet. Esou ass zum Beispill d'Fro opgeworf ginn, ob et net besser wier, zu Dikrech e ganz neit Gerichtsgebai ze bauen. Dës Alternativ war och vun der Bauverwaltung ugeduecht ginn, ass dunn awer verworf ginn, well keen adequaten Terrain zur Verfügung steet.

Am Kader vun dësem Projet gëtt och de Sécherheitsniveau vum Gebai verbessert. An d'Esthe-

tik vum Gebai bréngt mat sech, datt d'Baussefassad erhalen bleiwe muss, soudatt d'Moossname fir d'Energiesanéierung sech op de Banneberäich konzentréieren, wéi zum Beispill d'Ersetze vun de Fënsteren oder d'Isolatioun vum Daach. D'Bauverwaltung ass och a stännegem Kontakt mat de Responsabele vum Justizministère, fir beschmëglech op déi aktuell an op déi zukünfteg Besoinë vun dem Geriicht zu Dikrech anzegoen.

D'Bruttofläch beleeft sech op ronn 3.100 Quadratmeter. Et soll am Gebai Raimlechkeete gi fir zwielef Magistraten an 13 Greffiere vum Geriicht a fir siwe Magistraten an zéng Sekretäre vum Parquet. Et sinn och eng Salle de séance, eng Salle fir d'Affekoten, eng Salle d'audience an zwou Chambres du conseil virgesinn. D'Käschte belafen sech op ronn zwielef Milliounen Euro.

Den drëtten Projet ass de Lycée vu Munneref. Zesumme mat dem Bau vu Lycéeën zu Clief an Déifferdeng ass de Bau vun engem Lycée zu Munneref an der zweeter Phas vum Plan directeur sectoriel «Lycées» virgesinn. Dës Projet ass nach ganz am Ufankstadium. Et ass weder e präzisen Datum nach e Budget festgeluecht.

De Minister huet jo och an enger Question parlementaire kuerz eng Äntwert op dës Projet ginn. E freet hei den Accord vun der Chamber, fir datt de Comité d'acquisition sech op d'Sich no engem gëeegneten Terrain ka maachen an datt ee mat de Planungen ufänke kann. Virgesinn ass eng Capacité d'accueil vun 900 bis 1.200 Schüler fir ronn 50 Klassen. Ugebuede soll ginn: souwuel den Enseignement secondaire wéi och den Enseignement secondaire technique.

De véierte Projet ass den Ausbau vun den Ateliere Kräizbierg zu Diddeleng. Hei ass virgesinn, nei Ateliere um aktuelle Site vun der Fondation Kräizbierg zu Diddeleng ze bauen. Wann da souwisou um Site geschafft gëtt, gëtt och dervu profitéiert, fir en neien Accès fir d'Autoen ze amélagéieren. Dës sollen net méi matzen duerch de Site fueren, wéi dat haut de Fall ass, wat aus sécherheestechesche Grënn och jiddwerengem ageliicht huet.

Am Projet ass net nëmme virgesinn, nei Ateliere ze bauen, mä och déi bestehend Gebäilechkeete ginn de modernen Ufuerderungen a Standarden ugepasst. Insgesamt gëtt e Volume vun 8.630 m<sup>3</sup> ëmgebaut an et gi 25.000 m<sup>3</sup> nei gebaut. D'Zuel vu behënnerte Persounen, déi um Site schaffen, wäert vun haut 100 mëttelfristeg op ronn 200 eropgoen, also quasi verduebelt ginn. D'Gesamtkäschte vum Bauprojet belafen sech op 22 Milliounen Euro.

De fënnefte Projet ass d'Instandsetzung an d'Renovéierung vum Thermalbad zu Munneref. Wéi Der all wësst, regroupéiert den Domaine thermal verschidden Aktivitéiten op engem selwechte Site: fir d'Éischt emol den Thermalismus mat de Soinen am Kader vun enger verschriwwener Therapie; zweetens, de Spa, Wellness a Fitness; an drëtten, d'Hôtellerie an d'Restauratioun. Déi zwéi Gebaier „Les Thermes“ an „Parc Hôtel“, déi an de Jore '85 respektiv '88 gebaut gi sinn, brauchen esou lues eng grouss Renovatioun, fir sech deenen neie Besoinen, Normen a Virschreften unzepassen.

Den Deel „Santé“ vum Projet besteet doran, datt gréisser Renovéierungs- a Moderniséierungsarbechten an och eng Reorganisatioun duerchgefouert ginn. Den Deel „Mondorf Domaine thermal“ betrëfft d'Beräicher Wellness, Fitness, Spa an „Parc Hôtel“. An den Deel „Gebaier“ besteet doran, all Gebaier den neien Ufuerderungen a puncto Sécherheet, Technik an Energie unzepassen.

Et handelt sech hei ëm Bruttofläch vu ronn 31.000 m<sup>2</sup>; Volume: 125.000 m<sup>3</sup>. Eng Projektion vun de Käschte gëtt et nach net.

Bei dësem Projet muss een awer ënnersträichen, datt de Stat nëmmen d'Deeler „Santé“ an „Gebaier“ bezuelt. Et ass evident, datt d'Renovatioun vun de Beräicher Wellness, Fitness, Spa an Hotel net vum Stat bezuelt ginn, mä vum Centre thermal et de santé selwer. Et kann een awer Zäit a Geld spueren, wann een dee ganze Projet zesumme realiséiert an et just ee grouse Chantier gëtt; wat och soll gemaach ginn. Well de Stat Propriétaire vun alle Gebaier ass, muss hien d'Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung anhalen an dofir och sämtlech ufalend Käschte beim Deel „Gebaier“ iwwerhuelen.

D'Bauverwaltung huet eiser Kommission eng detailléiert Note iwwert d'Opdeele vun de Käschte vum ganze Projet zougestallt gradesou wéi eng Kopie vun der Konvention tëschent dem Centre thermal et de santé an dem Stat.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war elo dee leschte Projet, deen d'Bauverwaltung betrëfft.

Ech kommen elo dann zu de Projete vum Fonds des routes.

Do gëtt et am Fong zwéi gréisser Projeten. Dat eent ass déi nei N3, an do zweemol Duelem: de Module „nord“ an „central“; an zweetens dann d'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen a Richtung Zone d'activités Houwald; d'Ofännerung vun den Échangeuren Hesper a Gaasperecher Kräiz an den Aménagement vun de Stroossebauinfrastrukturen am Midfield.

Dës si wichteg Projete fir de Südaccès an d'Stad. Jiddwereen, dee schonn emol an de Spëttestonnen hei am Stau stoung, dee weess, wéi noutwendeg dës Aménagementen sinn.

Déi nei N3 hëlt hiren Départ südlech vun Alzeng, gëtt dann un d'Rue des Scillas ugebonnen a verlängert sech duerno vun der Rue Rangwee aus laanscht d'Eisebunnsinstallatiounen, fir dann erëm virum Pont Buchler zu Bouneweg op d'Route de Thionville ze stoussen.

Dee ganze Projet „nei N3“ besteet aus dräi Modulen: „nord“, „central“ an „sud“, déi an der Mobilité-durable-Stratégie als „nei N3“ definiéiert sinn. Heiduerch kann ënner anerem d'Route de Thionville zrëckgestuift ginn. Et erlaabt eng generell a fundamental Neigestaltung vum öffentleche Raum an den Uertschaften Alzeng, Fenteng, Hesper, Houwald an och am Quartier Bouneweg. Heiduerch ginn déi bestehend Stroossen dauerhaft vum Verkéier entlaascht, wat jo eng däitlech Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir déi concernéiert 25.000 Awiner bedeit.

**(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)**

Beim Projet, ëm deen et haut geet, handelt et sech ëm zwéi Modulen, „nord“ an „central“, vun der nei N3. D'Chamber hat jo an der Motioun vum leschte Joer am Kader vun dësen Diskussiounen schonn hiren Accord fir de Module „sud“ ginn.

De Module „nord“ ass onëmgängelech, fir déi aktuell N3 ze reorganiséieren am Hibleck vun enger Verlängerung vum Tram vun der Gare aus a Richtung nei Quartieren: Ban de Gasperich, Midfield a Zone d'activités Houwald respektiv fir den Uschloss un d'Pôles d'échange Houwald, Cloche d'Or a Bouneweg, esou wéi se och an der Strategie vun der Mobilité durable definéiert sinn.

De Module „central“ gëtt den Zoufahrtsweg an déi nei Quartiere Ban de Gasperich, Midfield a Zone d'activités Houwald a verbënnt déi nei N3 mat der Gare. An da soll de Module „central“ och eng Kéier d'Streck gi fir den Tram. An et ginn och hei Moossname geholl, fir dem Bus d'Prioritéit ze ginn.

Éischten Estimatiounen no wäerten déi zwéi Modulen, vun deenen ech elo geschwat hunn, 52.100.000 Euro kaschten.

Dann den zweete Projet, also d'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen a Richtung Zone d'activités Houwald, garantiéiert den Uschloss un d'Autobunnsnetz, stellt och eng ganz performant Kräizung mat der nei N3 duer. Dat erméiglecht och, e wichtige Verkéiersdräieck ze schafe mat dem Boulevard Raiffeisen, der Rue des Scillas an dem Boulevard Kockelscheier.

Dësen Dräieck stellt d'Hauptverbindungsachsen tëschent deenen neie Quartiere Ban de Gasperich, Midfield a Zone d'activités Houwald duer. De Projet begrëift da schlussendlech och nach d'Emännerung vun den Échangeuren Hesper a Gaasperecher Kräiz an den Aménagement vun de Stroosseninfrastrukturen am neie Quartier Midfield.

D'Käschte vum gesamte Projet hei ginn op 94.400.000 Euro geschat.

Et sief awer gesot, datt et sech hei bei all dësen Projeten, an d'Pläng ware jo och an dem Exposé des motifs bäigeluecht, net ëm definitiv Pläng handelt, mä just ëm eng Ébauche, déi nach ka geännert ginn, wann et bis esou wäit ass. An ausser am Midfield ass och kee weidere Ausbau vun de Capacitéiten fir den Individualverkéier virgesinn. Wann d'Stroosse verbreedert ginn, ass et just, fir dem öffentleche Verkéier méi Floss ze ginn an deen ze favoriséieren.

Deen nächsten an domat och leschte Projet aus dem Fonds des routes ass dann dee vun der Sanéierung vum Viaduc Sernigerbaach. Dat seet deene meeschte vun Iech spontan net ganz vill. Wann ech awer soen, datt dat d'Autobunnsbréck op der A1 op der Héicht vu Waasserbëlleg just virum der däitscher Grenz ass, da ginn ech dervun aus, datt déi meescht vun Iech schonn driwwergefuer sinn.

Dës Viaduc, deen tëschent '83 a '85 gebaut ginn ass, muss aus statesche Grënn sanéiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm zwou parallell Brécken, fir all Fahrtrichtung eng, mat enger Gesamtlängt vu 605 Meter. Well op der A1 jo awer vill Verkéier ass, gëtt virgeschloen, d'Aarbechten a Phasen auszuféieren, déi et erlaben, de Verkéier mëglechtst onbehellegt weiderlafen ze loossen.

Et gëtt geschat, datt d'Aarbechten 30 Méint wäerten daueren a ronn 10.800.000 Euro kaschten.

Ech kommen dann elo schlussendlech zu de Projete vum Fonds du rail.

Lass geet et mat der Moderniséierung vun der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten. Dës ass en héich technesche Projet, soudatt ech mech bei mengen Ausféierungen op dat Wesentlecht limitéieren. Fir de Rescht bieden ech Iech, den Detail a mengem schrëftleche Rapport nozeliesen.

Hei ass virgesinn, d'Linn Lëtzebuerg-Klengbetten ze reelektifizéieren, de Bunniwwergang mat Barrière zu Klengbetten ofzeschaffen an d'Foussgängeriwweggänger iwwert d'Gleisen nei ze bauen.

Am Kader vum Projet Eurocap-Rail hat d'Chamber schonn am Dezember 2006 hiren Accord gi fir eng komplett Moderniséierung vun der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten. Virum Hannergrond vun der wirtschaftlecher a finanzieller Situation ass awer décidéiert ginn, dës Projet an der Zäit ze strecken an an dräi Phasen opzespäcken. Dës dräi Phase sinn: Erneuerung vun de Stellwierker, Ofännerung vun den Installatiounen de traction électrique, Aarbechten un der Streck selwer an och verschide Bauten.

Duerch d'Gesetz vum 19. Juli 2012 ass déi éischt Phas autoriséiert ginn. Am Oktober 2011 hu mer heibannen och eisen Accord de principe gi fir déi zweet Phas vum Projet, mä am Laf vun den Etüde fir dës zweet Phas ass festgestallt ginn, datt Aarbechten un dräi Foussgängeriwweggänger néideg sinn, an zwar déi beim Mamer Lycée, zu Mamer selwer an och zu Klengbetten.

Des Weidere wäerten zu Klengbetten d'Schinnen zukünfteg esou sinn, datt et besser ass, hei deen aktuelle Foussgängerpassage, deen hätt misse vergrössert a komplett erneiert ginn, ewechfalen ze loossen an e Stéck niewendrun um Point kilométrique 17,030 duerch en neien Iwwergang ze ersetzen. Dës Léisung gëtt d'ailleurs och méi bëleg.

De Gesamtkäschtpunkt beleeft sech virauszichtslech op 65 Milliounen Euro.

Den nächsten a leschte Projet ass hei dee vun der Gare zu Esch-Uelzecht, a méi prezis de Réaménagement an den Ausbau vum Bâtiment voyageurs. Dës Projet gëtt am Kader vum Bau vun der nei Jugendherberg um Site vun der Gare zu Esch realiséiert. Et ass virgesinn, déi 270 m<sup>2</sup> Geschäftsflächen um Rez-de-chaussée ze réaménagéieren an eng ronn 1.800 m<sup>2</sup> Büroflächen, verdeelt op fënnf Stäck, iwwert dem Hall vun der Gare ze schafen.

Momentan gëtt geschat, datt dës Projet eng 12.500.000 Euro kaschte wäert.

En Drëttel dovunner géif fir d'Instandsetzung vun dem bestehende Gebai fir d'Voyageuren opgebraucht ginn. Déi nei Geschäftsfläche solle verlount ginn, wat ongeféier 588.000 Euro u Loyer all Joer soll erabrëngen. Wann een dovunner d'Ënnerhalts- an d'Gestiounskäschten an der Héicht vu ronn 117.000 Euro ofzitt, da bleiwen nach eng 471.000 Euro rescht pro Joer, an et brauch een net emol fréier e Mathésproff gewiescht ze sinn, fir da séier am Kapp, oder wéi et haut gemaach gëtt, um Handy oder op der Rechemaschinn auszerechnen, datt den Invest domat no 27 Joer amortiséiert wier. Also en interessanten Invest.

Hei ass awer nach ervirzehiewen, datt, éier mat dësem Projet ugefaange gëtt, déi bestehend Geschäftsfläche renovéiert a moderniséiert ginn, well se awer och guer net méi den aktuelle Kritäre vu Confort fir d'Clienten an d'Benotzer vum öffentlechen Transport gerecht ginn.

Dës kleng Projet soll ronn 1.050.000 Euro kaschten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës war dee leschte Projet vun der Lëscht, déi ech haut virstellen hat. D'Kommission hat weider keng Bedenke bei all dësen Projeten an huet e favorablen Avis dozou ginn.

Am Numm vun der Kommission froen ech dann och d'Chamber, hiren Accord ze ginn, fir datt déi néideg Etüden a Planunge fir d'Realisatioun vun dësen wichtegen Infrastrukturprojete kënnen an Ugrëff geholl ginn. Ech erlabe mer och, Iech, Här President, eng deementsprechend Motioun ze iwwerreechen. An ech ginn och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dëser Motioun.